

4/2017
108^{ème} année

SEW journal

Publication du Syndicat Éducation et Sciences dans l'OGBL
Syndikat Erziehung a Wëssenschaft am OGBL



OGBL

Rédaction: Direction syndicale du SEW/OGBL

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement la position du syndicat.

Abonnement: 25 € par an

No 4/2017 - 108^e année -

Paraît jusqu'à 4 fois par an

Toute correspondance est à adresser au SEW/OGBL

1, rue Jean-Pierre Sauvage
L-2514 Luxembourg

Tél. 26 09 69 1

Fax 26 09 69 69

courriel: sew@ogbl.lu

www.sew.lu

Editrice responsable: Danièle Niele

Imprimeur: Reka print, Ehlerange

Publication du Syndicat Education et


Sciences dans l'OGBL

Syndikat Erziehung a Wëssenschaft am OGBL

Anciennement Journal des instituteurs

1, rue Jean-Pierre Sauvage

L-2514 Luxembourg



<i>ÉDITORIAL</i>	3
<i>RENTRÉE SCOLAIRE</i>	5
<i>ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL</i>	25
<i>ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL/ SECONDAIRE</i>	36
<i>ENSEIGNEMENT SECONDAIRE</i>	42
<i>ENSEIGNEMENT SUPÉRIEUR ET RECHERCHE</i>	72
<i>EEGED</i>	75
<i>FGIL</i>	101

Feu à tous les étages

Pénurie d'enseignants, chaos programmé lors de la rentrée, administration débordante, privatisation insidieuse de l'enseignement public, désorganisation de l'EDIFF, des enseignants démotivés et le ministre décrédibilisé et isolé

Le moins qu'on puisse dire c'est que la rentrée scolaire 2017/18 fut mémorable. Jamais les représentants du SEW/OGBL n'étaient autant sollicités par leurs membres et par la presse. A un rythme très soutenu émergeaient les gros problèmes de l'école publique et ceci à presque tous les niveaux.

A quelques jours seulement de la rentrée se montrait la pénurie d'enseignants au niveau du fondamental. Retenons qu'au moment du concours d'admission au stage d'entrée en fonction, avec seulement quelque 120 candidats pour 200 postes libres, les sonnettes d'alarme auraient dû retentir dans les bureaux de la rue Aldringen. Or visiblement personne ne se sentait responsable et le ministre et ses collaborateurs se limitaient pendant les mois estivaux aux nominations du personnel des nouvelles directions régionales. Cette pénurie est due à une perte d'attractivité du métier d'enseignants dans les classes après la mise en place du fameux stage. Vu l'ampleur de la pénurie et le nombre de jeunes qui se sont engagés dans les études menant à la fonction d'enseignant, on peut craindre que le problème va s'amplifier dans les années à venir. A court terme, les écoles vont se voir confrontées à un manque cruel de remplaçants et les écoles auront toutes les peines du monde à garantir un fonctionnement quelque peu raisonnable lors de la prochaine épidémie de grippe.

L'annonce du problème a déclenché les réflexes habituels de la part de monsieur le ministre : minimiser le problème, faire intimider les enseignants pour qu'ils n'en informent pas le grand public. Le ministère tente de décréditer ceux qui ont quand même osé communiquer les faits et se permet une certaine créativité avec les données réelles.

Or cette fois-ci, la stratégie du ministre qui est pourtant un maître de la communication et de la promotion, n'a pas fonctionné.

Le personnel des écoles a finalement réalisé qu'il doit se manifester pour dénoncer les multiples problèmes des différents secteurs. Le personnel de l'EDIFF ne s'est pas laissé faire et s'est mobilisé avec succès contre un détachement ne respectant pas ce qui a été convenu avec les représentants du ministère.

Les chargés de cours sont en train de se rendre compte qu'ils forment désormais



Patrick Arendt
Président du
SEW/OGBL

l'épine dorsale de l'enseignement fondamental et réclament des conditions de travail appropriées.

A ceci s'ajoutent de multiples autres sujets très controversés comme une diversification de l'offre scolaire qui représente d'énormes dangers pour les enfants issus des milieux défavorisés et ouvre les portes de l'enseignement public aux multinationales privées.

La mise en place des directions régionales de l'enseignement fondamentale est incompatible avec le modèle de la cogestion qui, rappelons-le, était considéré comme un des éléments réussis de la réforme de 2009. Les enseignants vivent très mal ce système qui a été créé avec les ressources humaines que les écoles ont perdu par l'introduction du contingent. En effet, il ne s'agit pas d'aider les enseignants, mais de mettre en place un dispositif de contrôle et une bureaucratisation débordante. Les responsables politiques manquent visiblement de confiance envers les enseignants.

Tout cela ne se traduit pas seulement par une perte de confiance de l'enseignement public auprès des parents, mais aussi auprès des enseignants.

Je vous invite de lire l'intervention de Monique Adam, faite lors d'une réunion d'échange du ministre avec le personnel des directions et les présidents des comités d'école. Monique a trouvé les mots appropriés pour décrire la situation réelle des enfants en classe et l'atmosphère des enseignants travaillant dans les écoles.

Les enseignants, dans leur majorité, ne peuvent plus s'identifier à la politique d'enseignement actuel.

Si l'entraîneur d'un club de foot n'avait plus confiance en ses joueurs, et les joueurs doutaient de ses compétences tactiques, le comité se verrait contraint de tirer les conséquences qui s'imposent.

Et l'éducation est plus importante que le foot, n'est-ce pas !

13. September 2017

SEW/OGBL Pressekonferenz zur Schoulrentrée 2017/2018

Op senger traditioneller Pressekonferenz um Ufank vum Schouljoer, hat den SEW als Sujet Zersplitterung vun der Schoul offer an eng schläichend Privatiséierung an der öffentlecher Schoul. D'Envergure vun der Penurie am Fundamental war zu deem Zäitpunkt nach net ofzegesinn an huet eis dono nach wochelaang beschäftigt.

Ried vum Patrick Arendt:

Mir wëllen eis haut haaptsächlech op 2 wichteg Sujete limitéieren.

- de wichtigste Sujet ass d'Privatisatioun vun der öffentlecher Schoul, ob déi de Jules Barthel vum Secondaire am Detail wäert agoen.

Ech wëll awer virausschécken, datt seng Kritiken a Conclusiounen och

- fir de Fundamental gëllen, wou z.B. mat Arcus, am Beräich vun de Maison Relais an dem Precocé, privat Entreprisë mat grousser Ënnerstëtzung vum Educatiounsministère eng parallel Offer op Käscht vum der öffentlecher Schoul maachen
- an der international School, déi als privat Entreprisë vum Minister Meisch an der öffentlecher Schoul etabléiert gouf
- an och de Fundamentalsklasse vun der englescher Privatschoul ënnert där hirer Lizenz déi englesch Filiären am Lycée Michel Lucius och fir de Fundamental ugebuede ginn.

Dës fundamental Ännerungen si vum Minister Meisch, an der Responsabilitéit vun enger LSAP, déi Gréng an DP Regierung virgeholl ginn, ouni öffentlechen Debat, an et muss een sech oh froen, ob et iwwerhaupt en koalitiounsinternen Debat doriwwer gouf.

Fir den OGBL an den SEW kann nëmmen eng staark öffentlech Schoul eng gewësse Bildungsgerechtkeet fir all Kanner garantéieren. Nëmmen d'öffentlech Schoul kann d'enger Kohäsioun vun der Gesellschaft garantéieren. Vu privaten Entrepreneuren, déi forcement profitorientéiert sinn, ass dat net ze erwaarden.

Den Outsourcing un d'Privatschoulen, well de Ministère offensichtlech kee valabelt Konzept fir de Problem vun der spezifescher Lëtzebuerger Sproochesituatioun fënnt, ass keng Léisung fir d'Sproocheproblemer, wäert awer mëttel- a laangfristeg grave

Konsequenze fir eis Gesellschaft mat sech brengen.

De Jules Barthel geet am Detail dorobber an a mir wäerte weisen, datt et sech net nëmme just ëm eng ideologesch Kritik handelt, mee datt d'Schwächung vun der öffentlecher Schoul fir de Wee opzemaache fir d'Privatiséierung vun der Educatioun, grouss Gefore mat sech bréngt.

Fir op de Fundamental am spezifeschen anzegoen: hei koom et zu grousser Strukturreformen.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt bei dësen Reformen de Minister sech op en Accord baséiert, deen d'CGFP aus Grënn, déi fir eis schwéier no ze vollzéie sinn, mam Minister ënnerschriwwen huet. Den Accord, gëtt vun enger grousser Majoritéit vun den Enseignanten net gedroen. Et ass méi wéi bedauerlech, datt d'Enseignante do net gefrot goufen.

Vu datt mir als SEW ganz kritesch vis-à-vis vun dësen Reformen waren, refuséiert den Här Meisch, all Verhandlung mam SEW. Mir ginn entretemps iwwert nei Gesetzesprojete via Press informéiert, ech brauch also net extra ze betounen, datt keen Dialog méi vum Minister mat den Enseignantë vum Terrain besteet. D'Enseignantë gi viru Fait Accompli gestallt. D'Schoulpolitik vum Här Meisch fënnt an der Schoule kaum nach Zoustëmmung an dat wierkt sech leider negativ op d'Motivatioun an den Engagement vun den Enseignanten aus, déi sech net méi mat der aktueller Politik identifizéiere kënnen. Dat ass sécher eng Ursaach duerfir, datt probéiert gëtt fir d'Enseignanten aus der Klasse monddout ze maachen, si ginn zum deel massiv ageschüchtert, trauen sech net sech öffentlech ze äusseren an et héiert een tatsächlech d'Stëmm vun den Enseignante kaum nach. Den Här Meisch huet et mat senger Informatiounspolitik fäerdeg bruecht, datt hie quasi de Monopol vun der Kommunikatioun an d'Öffentlechkeet huet. Zumindest do ass hie ganz effikass.

D'Enseignantë verléiere vill vun hirer Autonomie a gesinn sech degradéiert als rengen Exekutant. D'ad-

ministrativ Tâchen huelen ëmmer méi lwwerhand. Den Enseignant muss sech virun allem no allen Säiten ofsécheren, fir kee Feeler ze maachen. Aus de Kanner ginn Dossieren, an d'Responsabilitéite gi vun deem engen op den anere weiderginn. Jidderee an der Schoul probéiert mol sech selwer ofzesécheren. Duerch e Bewäertungssystem, dee just den Enseignant a senger Assiduitéit a Verwaltungstâchë consideréiert, well et net méiglech ass d'Schoulhalen objektiv ze bewäerten, an duerch eng Hierarchiséierung vun de Carrièren, erkennen d'Enseignanten ëmmer méi, datt et zielt fir sech haaptsächlech ëm sech selwer a seng perséinlech Carrière ze këmmere, amplaz sech ausschliisslech op d'Schoulhalen an ob d'Besoine vun de Kanner ze konzentréieren, wéi dat bis elo de Fall war.

Leider ass de Prinzip vun der Cogestioun, deem eis am SEW immens wichteg ass, fir dee mir eis immens agesat hunn an deem och politesch beim neie Schoulgesetz 2009 vill diskutéiert ginn ass, an deem leschte Joer ausgehielegt ginn an duerch déi nei regional Direktioun quasi ofgeschafft ginn. Et gëtt nach just probéiert fir d'Presidente vun de Schoulcomité als laangen Aarm vun der Hierarchie anzesetzen a fir administrativ Tâchen ze erleedegen.

An obwuel de Ministère zimlech retizent ass fir konkret Zuele bekannt ze ginn, ass et an der Tëschenzäit allgemeng bekannt, datt mir op eng nei Penurie vun diplomierten Enseignanten am Fundamental zou steieren.

Wou bis elo am Concours fir an d'Fonction vun der Léierin a vum Schoulmeeschter ëmmer vill méi Kandidaten ware wéi Plazen a vill jonk Kolleginnen a Kollegen de Concours hunn missten e puer mol probéieren, ass et dës Joer bemol anescht.

Et hunn sech net genuch Kandidaten gemellt fir déi oppe Plazen all ze besetzen. Vun deenen 200 Plazen konnten der 80 net besat ginn an dat obwuel de Ministère esou guer Enseignanten, déi hiren Diplom

hunn, sech awer aus verschiddene Grënn net wollten an de Stage mellen, per Telefon encouragéiert huet fir sech an de Concours ze mellen.

Dat ass d'Konsequenz vun dem Stage vun 3 Joer, deem agefouert gouf, wou déi Jonk bis zum Schluss schwéier ënnert Drock stinn an enger prekärer Situation sinn. No engem Studium vu 4 Joer, dee just mat engem Bachelor sanktionéiert gëtt kënnst also nach en 3 järege Stage dobäi, mat schwierge Bedingunge wou de Stagiaire bis zum Schluss kann eliminéiert ginn. Den SEW huet zesumme mat de Studenten a Stagiaire sech agesat, datt de Stage soll nei gestallt ginn. Mam Objektiv fir déi jonk Kolleginnen a Kollegen ze ënnerstëtze wann se ufänke Schoul ze hale bei engem verstännegen Aarbechtsopwand fir de Stage ouni datt se musse fäerten an Examen ecartéiert ze ginn.

Leider sinn eis Fuerderungen nach net berécksiichtegt ginn an et koom just zu e puer kosmetesche Verbesserungen. Ech mengen awer, datt wann ee gesäit wéi d'Situatioun sech entwéckelt, kënnst de Ministère net dolaanscht fir dat ze redresséieren, a wa vun Ufank un e bëssen op eis gelauschert gi wier, dann hätt een sech déi Problemer mam Rekrutement, déi sech elo stellen, erspuere kënnen.

De Stage huet zimlech séier dozou gefouert, datt vill Studenten hire Studium ofgebrach hunn, respektiv, datt se direkt sech weider op e Master orientéieren an net méi wëlles hunn fir Schoul ze halen. Eisen Informatiounen no sinn och ganz vill manner Kandidaten, déi den Opnam Examen op d'Uni Lëtzebuerg gemaach hunn.

Eng weider Ursaach niewent dem Stage aus do sécher och, datt vill Enseignanten dobaussen um Terrain mierken, datt duerch déi strukturell Reformen, duerch d'Kierze vun der Zuel vun de Schoulstonnen an de Schoulen duerch de Contingent, deem eréischt 2019 ofgeschloss gëtt, et ëmmer méi schwierg gëtt fir de Besoine vun de Kanner gerecht ze ginn.

Vill diploméiert Enseignanten hale keng Schoul méi. Eng Rei diploméiert Enseignante sinn hunn eng Plaz kritt fir de Schoulen ze hëllefen den neie sougenannte Schoulentwécklungsplang PDS ze schreiwen.

De PDS ass allerdéngs just en Alibi, deen an der Praxis soll verstoppen, datt de Ministère keng Léisungen a keng Konzepter fir d'Problemer an de Schoulen huet, an de PDS bedeit haaptsächlech immens vill administrativen Opwand, deen d'Enseignantë vill Zäit an Energie kascht ouni an der Praxis konkret vill Verbesserungen ze bréngen. Opwand a Notze stinn a kengem Verhältnis.

Den SEW verlaangt scho säit laangem datt datt de PDS soll a senger jëtzege Form ofgeschaaft ginn an d'Schoulentwécklung soll op nationalem Plang gemaach ginn.

Eng Spezialisatioun vun de Schoulen a Gebaier ass e geféierlecht Spill. Wann d'Schoulen hir Offer diversifizéieren, wéi et esou schéin heescht, da muss dem Schüler, dem «Client» de Choix gelooss ginn, wat fir eng Offer him am meeschten zouseet. Den nächste logesche Schrëtt besteet doranner, datt och am Fundamental d'Elteren sech d'Schoul fir hir Kanner fräi aussiche kënnen an dat och an anere Gemengen. Dat zielt natierlech nëmme fir Elteren, déi de Schoul-system gutt genuch kenne fir ze evaluéiere wou hir Kanner déi beschte Chancen hunn an och den Transport kënnen organiséieren. D'Schoule kommen a Konkurrenz a wäerte séier eng Offer proposéiere fir déi «beschten» Schüler unzézéien. Den Trend besteet schonn am Secondaire a verschiddene Lycéeën. Schoulen an defavoriséierte Milieue verléieren hir «staark» Schüler et kënnt zu enger Ghettoiséierung vun der Schoullandschaft. Do wou fréier d'Aarbechterkanner zesumme mam Notaire senge Kanner geléiert hunn an esou d'Kohesioun vun der Gesellschaft zumindest an der Primaireschoul e bësse fonctionnéiert huet, trennen sech an Zukunft d'Schüler no soziale Critèren.

Et gëtt och elo an de Schoulen nach fir deejéinegen, deen de PDS zu Pabeier bréngt eng zousätzlech Decharge vun 2 Stonnen. Wou se also manner Schoul halen.

Dozou kommen nach déi Spezialisten, déi sech sollen ëm déi Kanner an de Schoule këmmere, déi besonnesch betreit musse ginn. Dat sinn och natierlech erëm diploméiert Enseignanten, déi net méi virun de Klasse stinn. Mir sinn do immens skeptesch, datt dat eng reell Hëllef an de Klasse gëtt.

Déi Spezialiste sinn un déi nei regional Direktiounen affektéiert a wäerten déi meeschten Zäit domadder verbréngen fir Dossier vun de betraffene Kanner unzeleeën an ze geréieren, respektiv sëtzen se am Auto fir vu Schoul zu Schoul ze fueren oder wat nach méi wahrscheinlech ass, si wäerten op Grond vun der grousser Demande aus de Schoulen sech drop beschränke mussen d'Enseignanten ze encadréieren, mat Rotschléi oder Formatiounen. Den SEW huet verlaangt fir déi Stonnen de Schoule méi am Contingent ze ginn, d'Comité d'école kënnen dann an hirer Gemeng déi zousätzlech Stonne méi effikass an ouni groussen administrativen Opwand direkt bei de Kanner asetzen.

Dat leeft och elo schon direkt bei der Rentrée un a bis elo sinn deene Kolleginnen a Kollegen hir Missiounen och nach guer net kloer definéiert.

Doniewent ginn natierlech elo all Joer ëmmer méi Conseiller pédagogique gebrauch fir d'Stagiaren ze encadréieren, déi duerfir och eng Decharge kréien.

Vu datt déi Gesetzter nach net gestëmmt ware wéi de Recrutementsplang vun dësem Joer ausgeschafft goufen, sinn déi Besoinen u zousätzlechen diploméierten Enseignanten och just virsiichteg berécksiichtegt ginn.

Et mussen also mussen also erëm vill zousätzlech Charge de Cours rekrutéiert gi fir Schoul ze halen, fir déi diploméiert Enseignanten ze ersetzen déi administrativ Tâchen erfëllen a well sech manner Kandi-

date fir de Stage gemellt hunn.

Vergiesse mir och net, datt de Ministère schonn eng ronn 1000 Chargé de Cours mat festem Kontrakt a senger Planunge mat agerechent huet.

Op der enger Säit gëtt also vun den diploméierten Enseignanten eng quasi 7 järeg Ausbildung verlaangt an op der aner Säit muss de Ministère op Chargé de Cours zréck gräife fir Schoul ze halen, dee just eng minimal Ausbildung hunn.

D'Chargé de Cours sinn, wéi mir et ëmmer méi aus der Privatwirtschaft kennen, d' „Leiharbeiter“ vun der Educatioun. Si maachen déiselwecht Aarbecht wéi déi diploméiert Enseignanten, verdénge manner, hu manner Rechter a méi eng héich Tâche.

Et waren haaptsächlech Charge de Cours, déi hir Plazen op de Gemenge verluer hunn wann duerch de Contingent Poste reduzéiert goufen. Si sinn och déi Lescht wann an de Schoule selwer d'Tâche vergi ginn.

Et spille quasi déiselwecht Mechanismen an der Schoul wéi a Betriber mat Interimaires, déi net fest engagéiert sinn.

D'Chargé de Cours halen also net nëmme Schoul fir manner Pai, mee spillen och fir de Ministère eng Zort Puffer par Rapport zu deenen diploméiert Enseignanten.

Wann déi Entwécklung do net direkt gestoppt gëtt, de Beruff an d'Formatioun erëm méi attraktiv gëtt, da wäert d'Zuel vun de Chargé de Cours an deenen nächste Joer nach weider an d'Luucht goen. Et gi manner diploméiert Enseignanten an de Klassen. Mir schwätzen also schonn net méi vun dem Objektiv fir eng Kéier nëmme nach diploméiert Enseignanten ze hunn.

Zesumme mat dem Bashing vun den Enseignanten, deen och vun der Politik mat bedriwwen gëtt, erkennt hei eng systematesch Devalorisatioun, en Imageverloscht vun der ëffentlecher Schoul. An et mussen en sech d'Fro stellen, ob net den Objektiv dohan-

nert steet fir de Privatschoulen eng Dir grouss op ze maachen andeems d'ëffentlech Schoul esou geschwächt gëtt, dat d'Elteren sech quasi gezwonge gesi fir no Alternativen ëm ze kucken.

Den SEW fuerdert de Minister Meisch op :

- Eng Politik fir d'ëffentlech Schoul fir all Kanner ze maachen
- Am Virfeld en Debat iwwert seng grondleeënd Reformen ze féieren
- Den Dialog mat den Enseignanten um Terrain erëm opzehuelen
- De Stage vun den neien Enseignanten am Fondamental esou ze gestalten, datt en eng reell Hëllef ass fir déi Jonk, datt se gestärkt a selbstbewosst de Wee an hir Funktioun fannen
- den administrative Waasserkapp erëm opzeléisen an déi Mëttel, déi doduerch erëm zur Verfügung stinn an de Schoulen anzesetzen
- d'Formatioun en Cours d'Emploi déi vun der Uni fir d'Chargé de Cours ugebuede gëtt muss nei organiséiert a strukturéiert gi fir deene Leit déi motivéiert sinn och wierklech d'Méiglechkeet ze ginn déi Formatioun ze maachen.
- de Prinzip vun der Cogestioun, vun de Comité d'école ze respektéieren an ze stäerken
- de Schoule méi Schoulstonnen ze ginn, déi si selwer no de Bedürfnissen vun de Kanner geréiere kënnen
- de Ministère soll sech net nëmme ëm strukturell Reforme këmmen, mee seng ëmmer méi grouss personell Ressource huele fir zesumme mat der Uni an de Leit aus de Schoulen, pedagogesch Konzepter auszeschaffen fir der spezifescher Sproochesituatioun vu Lëtzebuerg gerecht ze ginn

Den SEW ass selbstverständlech zu all Moment zu enger Zesummenaarbecht op dëse Punkte bereet !

SEW/OGBL Pressekonferenz zur Schoulrentrée 2017/2018 (suite)

Département secondaire – Jules Barthel

Am Secondaire gi mir haauptsächlech op déi schleichend Privatiséierungs-tendenzen an eisem Schoulsystem an, a weisen iech d'Konsequenzen, déi dat mat sech brénge kann. An deem Kader wäerte mir uschwätzen :

- d'Autonomie vun de Schoulen,
- d'engleschsproocheg Schoul am Lycée Michel Lucius an aner ähnlech Tendenzen a weidere Gebaier,
- d'Zertifizéierung vun de Sproochekenntnisser.

Donieft wäerte mir och nach e puer aner Punkten méi kuerz uschwätzen, an zwar :

- dat ongläicht Behandele vun eise Schüler je nom Régime wou se ageschriwwen sinn,
- d'Reformen an der Berufsausbildung.

Zum éischte Punkt, déi gréisser Autonomie, déi de Minister Meisch de Schoulen accordéiert.

Eng vun de Konsequenzen vun dëser verstärkter Autonomie wäert eng ëmmer méi staark Tendenz zur Spezialisatioun vun eise Schoulen sinn. Des Tendenz gëtt natierlech positiv vum Minister Meisch verkaf als eng Adaptatioun vun eise Schoulen un déi differenzéiert Besoinen vun eiser heterogener Schülerpopulatioun.

Dat ass gutt gemengt, gëtt prinzipiell jo och vun eis ënnerstëtzt, me wann des Autonomie an d'Spezialisatioun vun de Lycée'en déi dat matsechbréngt, net korrekt encadréiert gëtt, da kann dat och eng ganz Réi negativ Konsequenzen hunn.

Éischtens wäert e richtegt Konkurrenzdenken zwëschen eenzele Schoulen entstoën. Och wann de Minister dat wäert verneinen, ass des Evolutioun kloer esou gewollt vum Ministère. Mir dierfen a solle net vergiessen, dass den Här Meisch Member an enger liberaler Partei ass an dass, ënnert anerem, des Parteien europa- a weltwäit, schonns säit iwwer 20 Joer probéieren, den ëffentleche Schoulsystem ze privatiséieren an d'Education zu engem „bien de consommation“ verkommen ze loossen : D'Spill vun der Offer an der Demande um Niveau vun der Schoul. An an esou engem System wäerte sech ganz schnell, sou wéi deels schon am Ausland ze gesinn, eng ganz Réi Privatacturen breet maachen an de Bildungsmaart lues a lues, an ëmmer méi intensiv, matgestalten.



E Risiko ass och, dass sech, lues a lues, Eliteschoulen wäerte bilden, wou dann, mat der Zäit, de Choix vun den Eltere net méi wäert geholl ginn unhand vun der eng oder anerer Spezialisatioun déi d'Schoul offréiert, mee vum sozialen Hannergrond vun de Schüler an deenen eenzelen Schoulen. Déi sozial Ongläichheeten an eisem Schoulsystem wäerten esou, an deenen nächste Joren, weider ausgebaut ginn, au contraire vun deem wat de Minister Meisch ëmmer erëm probéiert den Eltere weis ze maachen.

Vir den SEW muss d'Schoul awer weider stoen vir Integratioun a sozialen Zesummenhalt. Dat ass en Atout vun eiser ëffentlecher Schoul deen net dierf verluer goen. Eis Schoul muss weider eis Jonker vereenegen a net eis Gesellschaft schonns am fréien Alter spalten, esou wéi dat elo riskéiert, lues a lues, ze passéieren.

Mir pochen hei ëmmer erëm op d'Expressioun „lues a lues“. Dat huet och säi Gronn. Dat „lues a lues“ zitt sech wéi e roude Fuedem duerch déi ganz Politik vum Minister Meisch. Nächst gëtt iwwerstierzt agefouert, kee gëtt brüskéiert, mee lues a lues gëtt e ganz néie System en place gesat.

Wat hu mir esou déi leschte Joren misse konstatéieren ?

Op där enger Säit fält d'Wëssensverméttelung ëmmer méi minimalistesch aus, Stéchuert „socles communs“ am „cycle inférieur“. Wëssensverméttelung ënnerläit och ëmmer méi dem Prinzip vum Utilitarismus, Stéchuert „Mindestkompetenzen“ déi déi Jonk brauchen, fir um Aarbechtsmaart agesat kënnen ze ginn.

Op der anerer Säit gëtt d'Allgemengwëssen ëmmer méi vernoléisst, well dat net produktiv ass. An alles dat, wat eis ëmmer méi minimalistesch an utilitaristesch ëffentlech Schoul an Zukunft net méi wäert ubidden, gëtt vum Privatsektor, géint deiert Geld, iwwerholl.

Dat do wäert déi Zukunft sinn, op déi mir zousteieren : eng gratis ëffentlech Schoul, déi sech beschränkt op eng minimalistesch an utilitaristesch Formatioun fir se alleguerten, de ganze Recht vum Bildungsangebot a Privathand, deier ze bezuelen a limitéiert fir eng sozial Elite.

E weidert Beispill dofir, wéi ëmmer méi grouss Deeler vun eisem Unterrechtssystem privatiséiert ginn, respektiv outgesourct ginn, sinn déi ëmmer méi heefeg Engleschklassen an neierdénge och Däitschklassen, déi rechts a



lénks aus dem Buedem schéissen – Déifferdeng, Michel Lucius, Jonglënster, Klierf, asw. Esou ginn z.B. déi komplett Programmer vun der International School Michel Lucius an England akaf. Déi schrëftlech, genau sou wéi déi mëndlech Examen, ginn integral an England verbessert. Och an der International School vun Déifferdeng ginn d'Programmer am Ausland akaf. Mir hun esou als Lëtzebuerg absolut keen Afloss méi op d'Schoulprogrammer an deene Schoulen. Hei kréien eis Schüler en internationalen Eenheitsbräi servéiert, deen absolut net méi op d'Besoinen an op Spezifizitéiten vun eiser Schülerpopulatioun ageet.




Komme mer nach eng Kéier zeréck op de Michel Lucius. Eng ëffentlech, gratis, engleschsproocheg Schoul ass hei initial obgemeht gi fir Jonker, déi provisoersch hei zu Lëtzebuerg mat hirer Famill installéiert sinn, respektiv fir Flüchtlingskanner an aner Schüler, déi net déi néideg Kenntnisser am Däitschen an/oder am Franséischen hunn fir am classesche lëtzebuerger Schoulssystem weiderzekommen. Esou ergëtt déi Schoul och eventuell Sënn, als Alternativ zu den deieren internationalen Privatschoulen. Am Michel Lucius sinn awer aktuell méi wéi een Drëttel vun den ageschriwwene Schüler Jonker, déi de komplette Fundamental zu Lëtzebuerg duerchgemaach hun. Dat ass net normal. Hei muss sech d'Fro gestallt ginn, firwat dat esou ass? Dofir muss ee wëssen, dass an dësem englesche Schoulssystem de Niveau vum Däitsch- a vum Franséischunterricht vill méi niddreg ass wéi am normale lëtzebuerger Schoulssystem. Dat ass da natierlech immens interessant vir all déi Schüler, déi z.B. ganz vill Problemer am Franséischen hun.

D'Schüler mat dësem internationalen engleschen Diplom hunn natierlech ganz gutt a vill Méiglechkeeten, op engleschsproochegen Unien weider ze studéieren. Et wäert hinnen awer praktesch net méiglech sinn, op enger franséisch- oder däitschsproocheger Uni ze studéieren, wéinst hirem Manktem u sproochleche Kenntnisser. A, ganz besonnesch fir déi Jonk, déi net weider studéiere ginn, kéint dëse Manktem un Däitsch-a Franséisch-Kenntnisser dramatesch Konsequenzen fir si hun beim Accès zum lëtzebuerger Aarbechtsmaart. Z.B. wäerten d'Schüler mat dem Ofschloss vun der International School Michel Lucius net déi geréngste Chance am Concours fir de lëtzebuerger Staatsexamen hunn. Och wann dat natierlech net Ziel soll sinn vun alle Schüler hei am Land, sinn sech vill Elteren dëser Situatioun ganz secher net bewosst.

Aus eiser Siicht gëtt mat deene villen Englesch-an Däitschklassen déi elo eise Jonken offréiert ginn, eisen internationale Virdeel vun der Méisproochegkeet alt nach erëm eng Kéier opgeweecht.

Mir soen hei ganz kloer de Schüler an hiren Elteren : Iwwerleet iech et gutt, ier der op all déi néi Offeren vum Unterrichtsministère agitt. Et ass net alles Gold wat blénkt. De Minister Meisch street den Jonken an hiren Elteren vill Sand an d'Aen.


D'Fuederung vum SEW ass déi, dass d'ëffentlech Schoul all eis Schüler soll optimal preparéieren op weiderbildend Studien respektiv op den Aarbechtsmaart, an dat am Kader vun engem harmoniséierte Schoulssystem, deem de Schoulen zwar eng gewësse Flexibilitéit erlaube soll, Flexibilitéit, déi awer kloer definéiert muss sinn. Den SEW setzt sech dofir an, dass d'Schüler an deene Sproochen wou se méi schwach sinn, gefördert solle ginn, amplaz hinnen auslännesch Systemer virun d'Nues ze setzen, wou se hir sproochlech Schwächen kënne verstoppen an deementspreechend och net kënne ofbauen. Eise ëffentleche Schoulssystem muss esou funktionéieren, dass all Schüler déi 3 Sproochen Franséisch, Däitsch an Englesch korrekt beherrsche kann, wann en d'Schoul verléisst. Dat ass e Mehrwäert vun eiser Schoul a vir eis Schüler, an deem dierfe mir net opginn.



Den SEW ass géint eng Schouloffer mat 100 verschidde Systemer, wou keen sech méi erëmfënnt, a schonns guer net déi sozial méi schwach Famillen. Natierlech muss och déi ëffentlech Schoul sech adaptéieren un déi néi Gegebenheeten vun eiser Gesellschaft, mee d'Schoul soll eppes Ganzes bleiwen. Mir wëllen keng weider Zersplitterung vun eiser Schoullandschaft. Wa mir esou virun fueren, dann dauert et net méi laang an eis Schüler verdeelen sech op engleschsproocheg Schoulen, portugiseschsproocheg Schoulen, Schoulen vir franséischsproocheg Kanner, vir Musulmanen, vir Katholiken, asw.

Fir mat dem Punkt vun der latenter Privatiséierung vun eiser Schoullandschaft ofzeschléissen, just ee lescht Beispill, dat och gutt weist, dass des Privatiséierungstendenzen sech lues a lues duerchsetzen, leider ouni gréisser Wellen ze schloen.

Mir schwätzen hei konkret d'Zertifizéierung vun de Sproochekenntnisser vun eise Schüler un. D'Zertifikatioun um lëtzebuurger Première- oder Treizièmesdiplom z.B. gëtt néierens méi am Ausland unerkannt. Wann eng Uni hautdesdaags Sproochekenntnisser




verlaangt vum europäesche Sproochenniveau B2 oder C1, da kann eise Ministère nach esou oft soe wéi e wëll, dass eis Schüler dëse Niveau hunn. Dat nützt alles näischt. Eng offiziell unerkannten Zertifizéierung gëtt et nëmmen iwwert speziell unerkannten Instituter, wéi z.B. an Däitschland de Goetheinstitut oder hei zu

Lëtzebuerg de Centre de langues. A vir déi Zertifikatioun ze kréien, muss een alt erëm deier bezuelen.

Mir alphabetiséieren eis Kanner op Däitsch, mir léieren mat eise Schüler 14 Joer laang Däitsch, mee fir e Pabeier ze kréien, dass se och Däitsch kënnen, musse si en Test ofleeë bei engem privaten Institut an och nach deier dofir bezuelen. Ass dat normal ? Wat vir e Stellwäert huet eis Schoul nach, wat vir e Stellwäert hunn eis Diplomer nach, wann de Jonken duerno muss Concoursen an deier Tester maachen, vir seng Kompetenzen unerkannt ze kréien ? A wéi geet et elo weider, wann an Zukunft nëmme nach eng eenzeg vun eisen dräi Sproochen am Exame gepréift gëtt ? Wat sinn dann eisen Diplom an eis Sproochen nach wäert ?

Mir kommen dann awer och nach kuerz op en aneren Thema ze schwätzen. Den SEW ass absolut net domadder averstaan, dass de Minister Meisch no baussen ëmmer erëm erkläert, wéi wichteg et him ass, dass all Schüler gläich behandelt gëtt a jiddereen déi gläich Chancen offrëiert kritt. An der Realitéit gesäit dat leider oft ganz anescht aus. Et geet definitiv net duer, eng 13ième elo 1ière ze nennen, vir ze behaupten, jiddereen géif gläich behandelt ginn.

Hei e puer Beispiller, wéi ënnerschiddlech mat de Schüler ëmgaange gëtt, je nom Régime wou se ageschriwwen sinn :



- Dëst Schouljoer ginn d'Ofschlossschüler aus dem ES ganz kloer bevirdeelegt par rapport zu de Schüler aus dem EST. Do wou d'Schüler aus dem ES just nach 6 schrëftlech Examen hunn, müssen d'Schüler aus dem EST 7, 8 an esouguer 9 Examen schreiwen. Den SEW huet do gemeinsam mat der Studentebewegung UNEL beim Unterrichtsministère intervenéiert, ouni bis elo eng kloer Äntwert kritt ze hunn. An dësem Dossier ass mat Sécherheet dat leschte Wuert nach net geschwat. D'UNEL an den SEW wäerten dësen Dossier nach net esou schnell ad acta lee'en.
- Am Examen vun de Premières an den Treizièmes ass ëmmer eng "journée de repêchage" virgesinn fir all déi Schüler, déi een Dag vum Examen krank sinn. Dës "journée de rattrapage" ass ëmmer direkt no dem leschten offiziellen Examensdag an erlaabt et de Schüler, hiren Examen an de normalen Délaiën ofzeschléissen. An der Berufsausbildung awer, wann e Schüler och nëmme während engem hallwen Dag vu sengem PIF krank ass, dann ass et direkt Oktober vir den Technicien an esouguer Februar dat Joer drop vir den DAPiste. An deen Technicien an DAPiste muss dann och säin gesamte PIF frësch maachen, a net nëmme deen Deel, wou e krank war. Den SEW verlaangt, iwwerall do wou et an der Berufsausbildung méiglech ass, dass och fir déi Schüler eng „journée de rattrapage“ agefouert gëtt.

- Den Accès zur Héichschoul geschidd automatesch vir all d'Schüler aus dem ES an dem EST. Dësen Accès ass immens limitéiert vir Technikerschüler aus der Berufsausbildung. Do geet et z.B. duer, dass e Schüler een eenzegen vun 8 Modules préparatoires op 12e oder 13e net gepackt huet, a schonns kann hien d'Héichschoul vergiessen. Hie kritt zwar säin 13e-Diplom, d'Modules préparatoires sinn jo consideréiert als „modules facultatifs“ a sinn net relevant fir den Ofschlossdiplom ze kréien, mais well et jo och keng Noexamen méi gëtt an der Berufsausbildung, muss de Schüler säi net gepackte Module préparatoire dat Joer drop nohuelen. Hien muss also e komplett Joer waarden, fir eventuell den Zertifikat ze kréien, deem et him erlaabt, weider ze studéieren, just well hien ee Module préparatoire net ganz gepackt huet. den SEW verlaangt hei, dass an der Berufsausbildung de ganzen Accès zur Héichschoul an de ganze System vun de „modules préparatoires“ erëm néi muss diskutéiert ginn.

Wa mir schonns bei der Berufsausbildung sinn, nach en allerlescht Wuert zu den aktuellen Reformdiskussiounen an deem Beräich. Am Laaf vum leschte Joer sinn hei Diskussiounen ënnert dem Gil Belling ganz konstruktiv verlaf. Villes bleift awer nach ze reegelen, ënnert anerem d'Organisatioun vum PIF, den Accès zur Héichschoul a nach vill aner Detailer. Mir kënnen nëmmen hoffen, dass de Successeur vum Här Belling do virun fiert, wou den Här Belling opgehal huet. Sollt dat net de Fall sinn, wäerte mir als SEW erëm vill méi aggressiv an dësem Secteur optrieden.

RTL.LU den 14.9.2017

Grouss Problemer mam Recrutement vum Léierpersonal

Den SEW mécht 2 Deeg virun der Rentrée an der Grondschoul drop opmierksam, datt et grouss Problemer mam Recrutement vum Léierpersonal gëtt.

Eng Kritik, déi och schonn an de leschte Wochen ze héiere war an déi de Patrick Arendt vum Syndikat Erziéung a Wëssenschaft vum OGBL op der Rentrées-Pressekonferenz mat Zuele beleet. Et war ëmmer sou, datt wann

ee Concours war, da ware méi Kandidaten do wéi Plazen. Dëst Joer awer wieren net genuch Kandidaten dogewiescht. Vun 100 Plazen sinn der 80 net besat ginn. Dat obschonns de Ministère Leit, déi a Fro komm sinn, ugeruff huet, fir sech fir de Concours ze presentéieren.

Dat wier kloer d'Konsequenz vum Stage vun 3 Joer, deem agefouert gouf, bei deem déi Jonk bis um Enn schwéier ënner Drock stinn an an enger ganz prekärer Situatioun bleiwen.



ELDO.LU den 14.9.2017

Gewerkschaft vun den Enseignanten extrem onzefridden

Geschwënn ass Rentrée, d'Preparatiounen fir den éischten Dag sti schonn, ma wierklech zefridde mam System ass d'Schoulpersonal awer net.

D'Gewerkschaft vun den Enseignantë, SEW, reegt sech ferm iwwert déi momentan Situatioun an der Educatiounslandschaft op.

Op enger Pressekonferenz e Mëttwoch de Mueren huet een Explikatiounen doriwwer geliiwert wéi benodelegt a vernoléisst sech de Secteur fillt.

Den Educatiounsminister Claude Meisch géif nämlech Decisiounen treffen ouni d'Gewerkschaft virdrun ze froe bzw, sech mat hinnen ze concertéieren. Och d'Privatiséierung vun de Lycéeën an Primärschoulen, dorënner d'International School zu Déifferdeng oder de Michel Lucius an der Stad géifen op laang Dauer negativ Auswierkung op d'Heterogenitéit vun der Gesellschaft hunn.

Punkto Strukturreformen am Fondamental, kéint den Accord tëscht der CGFP (Gewerkschaft vun der Fonction Publique) an dem Ministère sou wéi en lo besteet net gedroeginn, heescht et.

Den Dialog tëscht Enseignanten an dem Minister misst op dësem Punkt nees opgehooll ginn, well déi schlecht Kommunikatioun géng just de Kanner am Endeffekt schueden. Dem Minister gëtt souguer de Monopol vun der Kommunikatioun virgehäit, ee Matsproocherecht säitens den Enseignantë géif net méi existéieren, esou de President Patrick Arendt, President vum Syndicat.

Am Kader vun der Rentrée, déi jo elo usteet huet d'SEW dowéinst eng Partie Fuerderungen un den Educatiounsministère gestallt.

D'Gewerkschaft fuerdert am Fondamental an am Secondaire eng nei Definitioun vun de Missiounen, datt den Dialog tëscht den Acteuren um Terrain an dem Claude Meisch nees opgehooll gëtt an datt den administrative Chaos aus der Schoul geholl gëtt. Och eng „Zerspläiterung“ tëscht öffentliche a private Schoule misst evitéiert ginn.

Op deem Punkt reegt een sech driwwer op, datt Privatschoulen de Léierplang net vum Ministère kréien, mä en wéi am Fall vun der International School aus England kennt. Wat eng Katastrophe wier, well en net un d'Besoinen vun de lëtzebuurger Schüler ugepasst wier. Am Endeffekt géif dat just mat sech bréngen, datt de Niveau vun den 3 Haaptsprouchen ënnert de Schüler zu Lëtzebuerg nach méi heterogen gëtt an d'Schüler aus de Privatschoule spéider wéinst hire schwache Sprouchkenntnisser am Franséischen an am Däitschen aus Deeler vum Aarbechtsmaart kéinten ausgeschloss ginn. Ausserdeem fënnt d'SEW, datt béid Etablissementen, privat an öffentliche Schoulen, wéinst hirer ënnerschiddlecher Offer an direkter Konkurrenz zouenee stinn. Datt enges Daags „Schoulen sech ëm gutt Schüler streide“ wier einfach net akzeptabel a misst ënner allen Ëmstänn evitéiert ginn.

D'Formatioun vun den Enseignantë misst nei definéiert ginn an et missten nei pädagogesch Konzepter fir de Fondamental an d'Lycéeën ausgeschafft ginn.

Dëst Joer hunn sech och verhältnesmäisseg zu de leschte Joren wéineg Leit fir de Concours ageschriwwen. 80 Plaze vu ronn 200 waren net besat. Normalerweis ass et dem Patrick Arendt no esou, datt méi Leit sech aschreiwe wéi et fréier Plaze ginn. De Ministère huet souguer souwäit misse goen an deene Leit aus dem Studium ugeruff, déi sech nach net an de Concours ageschriwwen haten.

Och d'Formatioun fir Schoulmeeschteren a Joffere wier net gutt a misst ëmgeännert ginn. Den Ament ass et jo esou, datt ee 4 Joer studéiert an dann 3 Joer Stage mecht. Während deenen 3 Jore kann een awer aus dem Stage fléien.



De dérive en dérive

Une rentrée déprimante pour le SEW/OGBL

David Broman

A lors que le ministre de l'Éducation nationale, Claude Meisch, fait de cette rentrée la sienne – du fait de l'engagement de plusieurs réformes – et clame qu'il s'agit d'une «*rentrée qui instaure aussi un système de confiance entre le ministère et les acteurs du système éducatif*» (lire notamment ses déclarations dans *Le Jeudi* daté du 7 au 13 septembre 2017), les responsables du syndicat SEW/OGBL font retentir un tout autre son de cloche – bien plus proche du glas.

Selon Patrick Arendt, président de l'organisation, «*nous vivons une période où il y a tellement de problèmes dans l'enseignement, tellement de chantiers, qu'il n'est même plus possible de les évoquer tous*» lors d'une simple conférence de presse (tenue ce 13 septembre). Ainsi s'est-il cantonné aux «*deux problématiques les plus cruciales*».

Le premier de ces sujets n'est autre que la «plus grande autonomie des lycées», chantée par le ministre, mais considérée par le syndicat comme le début d'une dérive vers une «*privatisation de l'enseignement public*».

Pour Jules Barthel, vice-président, la réforme du lycée, «*vendue par le ministre sous un angle positif, va, si elle n'est pas bien encadrée, engendrer une série de conséquences négatives*».

Selon le syndicat, la spécialisation des écoles va produire, à travers une sélection sociale,

Les chiffres de la rentrée : Total des élèves

	2014/2015	2015/2016	2016/2017	Prévisions 2017/2018
Enseignement fondamental	47.145	47.766	48.495	49.151
Ens. secondaire classique	12.705	12.490	12.650	13.085
Ens. secondaire général public	24.369	24.585	24.397	24.535
Ens. secondaire général privé	3.504	3.449	3.389	3.405
Education différenciée et Centre de logopédie	884	954	875	882
Écoles privées internationales et transfrontalières	11.286	11.828	12.280	13.632
Formation des adultes	20.719	21.500	22.000	23.000
Institut national des langues	12.907	13.012	13.255	15.000
TOTAL des élèves	133.519	135.584	137.341	142.690

Source: Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

des inégalités de traitement entre les élèves. «*On fait dériver une école publique gratuite vers une fonction minimaliste et utilitariste axée sur le seul accès au marché du travail, alors que le reste de l'offre d'enseignement, assumé par le privé, donc payant, se verra réservé à une élite sociale. On a pu observer cela à l'étranger et, à nos yeux, les réformes de Claude Meisch s'inscrivent dans cette mouvance.*»

Les syndicalistes SEW sont plus que méfiants à l'égard du système parallèle anglophone connu sous le nom de «*International School*», alternative en vogue qui ne résoudrait rien les problèmes posés par la

situation linguistique particulière du pays. «*Que les parents et les élèves n'oublient pas que tout ce qui brille n'est pas or. Qu'ils sachent que la communication de Meisch leur jette surtout beaucoup de poudre aux yeux.*»

La seconde problématique d'importance de cette rentrée déplorée par les responsables du syndicat est, selon les termes de Patrick Arendt, la «*très dramatique pénurie d'enseignants diplômés*» au niveau de l'enseignement fondamental. Et de préciser: «*Jusqu'à présent, on observait au concours plus de jeunes aspirants que de postes disponibles. Cette année-ci, c'est l'in-*

verse: sur les quelque 200 places, 80 environ sont encore inoccupées.» Ce serait avant tout dû, selon le président du SEW, au nouveau stage de trois ans qui maintient les jeunes dans une situation précaire sans garantie d'être nommés.

Pour le syndicat, l'heure est d'autant plus grave qu'il ne parvient plus à entrer en discussion avec le ministre. Patrick Arendt: «*Il nous ignore carrément et il refuse de traiter avec nous. Et quand il nous invite à un événement, c'est une farce. La culture de dialogue qui existait avant est, aujourd'hui, complètement morte.*»

«Vers une pénurie d'enseignants diplômés»

Jusqu'ici, il y a toujours eu plus de candidats à la fonction d'instituteur que de postes à pourvoir. Cette année, 80 postes sont restés inoccupés à l'issue du concours d'admission au stage, note le SEW/OGBL.

C'est la tradition. La semaine de la rentrée, le SEW/OGBL déballe ses doléances. «Dans l'enseignement, il y a tellement de problèmes qu'il est difficile de parler de tous», a d'emblée prévenu son président. Le problème du recrutement des enseignants à l'école fondamentale et le développement de l'autonomie des écoles se trouvaient donc hier dans son visier.

De notre journaliste
Fabienne Armbrorst

Dans l'enseignement fondamental, on se dirige vers une pénurie dramatique d'enseignants diplômés. Jusqu'à présent lors du concours, il y avait toujours plus de jeunes candidats que de postes à pourvoir. Cette année, c'était différent. Il n'y avait pas assez de candidats. Autour de 200 postes étaient

à pourvoir. 80 n'ont pas été occupés. Hier, face à la presse, le président du SEW/OGBL, Patrick Arendt, a jeté un regard sévère sur les conséquences de l'introduction du stage de trois ans. «Après quatre ans d'études, les candidats à la fonction d'instituteur se retrouvent dans des conditions précaires et sous pression. Car jusqu'au bout les stagiaires peuvent être éliminés.» Il poursuit : «À cause de ce stage, certains ont arrêté leurs études, d'autres ont tourné le dos au projet de devenir enseignant en enchaînant avec un master...» Pour le SEW/OGBL, le problème du recrutement est loin d'être réglé. «Vu le développement actuel, le ministère va être amené à redresser la situation», estime Patrick Arendt. Selon les chiffres non officiels cités par le SEW, seulement 80 jeunes se sont

inscrits cette année à l'examen-concours pour intégrer le bachelier en sciences de l'éducation à l'université du Luxembourg. À titre de comparaison, l'an passé ils étaient encore 180.

Un autre problème soulevé par Patrick Arendt est le nombre d'enseignants diplômés qui ne font plus école aujourd'hui. Que ce soit pour réaliser le plan du développement de l'établissement scolaire (PDS) ou s'occuper des enfants en difficulté, sans compter les conseillers pédagogiques qui reçoivent des décharges pour encadrer les stagiaires.

Avec moins de candidats aux concours, moins d'enseignants diplômés disponibles pour enseigner, le ministère de l'Éducation nationale est donc obligé de recruter des chargés de cours pour assurer l'enseignement. «Autour de 1 000 char-

gés de cours ont actuellement un contrat fixe dans les écoles, soulève Patrick Arendt. D'un côté on exige une formation de presque sept ans de la part des enseignants, mais de l'autre côté on n'a pas de problème à recourir à des chargés de cours qui ont une formation minimale...»

Les chargés de cours comme «amortisseurs»

Le président du SEW/OGBL résume : «Les chargés de cours sont en quelque sorte les travailleurs intérimaires dans l'éducation. Ils font le même travail que les enseignants diplômés, mais gagnent moins et ont moins de droits.» Bref, pour le SEW/OGBL, les chargés de cours sont actuellement employés comme une sorte d'«amortisseurs» par le ministère. «Si le métier de l'enseignant n'est pas rendu plus attractif, le nombre de chargés de cours va continuer à augmenter les prochaines années», prévient Patrick Arendt.

Le SEW demande également au ministre de l'Éducation nationale, Claude Meisch, de faire une politique en faveur de l'école publique. Le syndicat craint que le renforcement de l'autonomie des écoles n'entraîne un esprit de concurrence entre les différents établissements. «Dans un tel système, une série d'acteurs privés vont s'établir... et façonner de plus en plus le marché éducatif. Des écoles d'élite risquent de naître. Lors du choix de l'école, les parents ne prendront plus en compte la spécialisation, mais l'arrière-plan social des élèves, s'exclame Jules Barthel, le responsable du département Secondaire. Les inégalités sociales dans notre système scolaire vont ainsi s'intensifier, donc c'est le contraire de ce que prône le ministre Meisch.» Il conclut : «Pour le SEW, l'école publique doit continuer à contribuer à l'intégration et à la cohésion sociale. C'est un atout de notre école publique qu'on n'a pas le droit de perdre.»



«Après quatre ans d'études, les candidats à la fonction d'instituteur se retrouvent dans des conditions précaires», déplore Patrick Arendt (2^e en partant de la gauche).

«Gare aux programmes importés!»

Ces dernières années, de plus en plus de classes anglophones ont vu le jour. Citons notamment l'École internationale de Differdange et le lycée Michel-Lucius (LML). L'offre au Michel-Lucius est intéressante pour les jeunes anglophones qui viennent s'installer avec leurs parents à Luxembourg. C'est une alternative aux écoles privées coûteuses, commente Jules Barthel. Mais entretemps, un tiers de ceux qui se sont inscrits sortent de l'école fondamentale luxembourgeoise où ils ont passé toute leur scolarité. Le SEW/OGBL met en garde contre le fait que ces écoles aux

curriculum internationaux importent leurs programmes. «Au LML, on les achète en Angleterre. On n'a donc plus d'influence sur les programmes de ces écoles», regrette Jules Barthel. Pour le SEW, cette sous-traitance n'est pas une solution aux problèmes de langues dans l'enseignement. «Le multilinguisme est la plus-value de notre école publique. Nous n'avons pas le droit de l'abandonner, soutient-il. C'est sûr que notre école publique doit régulièrement s'adapter aux nouvelles réalités de la société, mais elle doit rester un ensemble. Nous ne voulons pas qu'elle soit morcelée.»

Luxemburger Wort
Donnerstag, den 14. September 2017

POLITIK & GESELLSCHAFT

3

„Unsere Schulen werden schleichend privatisiert“

Lehrervertretung SEW/OGBL prangert politische Agenda von Minister Claude Meisch an

Zur Rentrée warnt die Lehrervertretung SEW/OGBL vor einer Schwächung des öffentlichen Bildungsauftrags durch falsche politische Ansätze. Gewerkschafter und Lehrer Patrick Arendt skizziert: „Als ich vor 30 Jahren anfang, Unterricht zu halten, ging es darum, dass die stärkeren Schüler die schwächeren unterstützen. Heute heißt es eher: „Lasst die Stärkeren Chinesisch lernen, und die Schwächeren müssen irgendwie zurechtkommen.“ Es kommt zur schleichenden Privatisierung der öffentlichen Schule.“

Harsche Kritik übt die Gewerkschaft an der Agenda von Bildungsminister Claude Meisch. Die von der Regierung gepriesene Autonomie der Schulen öffne Tür und Tor für ein bedenkliches Konkurrenzdenken, das letztlich viele Schüler zu benachteiligten drohe. „Eine starke öffentliche Schule trägt zur sozialen Kohäsion der Gesellschaft bei. Leider führt das Ministerium kein stichhaltiges Konzept an, das der Spra-

chenvielfalt des Landes und der Schülerschaft Rechnung trägt“, moniert Arendt.

Der SEW/OGBL bedauert insbesondere, dass die Politik immer mehr ausländische Lehrprogramme vorziehe. So zum Beispiel beim englischsprachigen Angebot im Lycée Michel Lucius, in der neuen internationalen Schule in Differdangen oder auch bei Lehrprojekten fürs Lyzeum in Junglinster. „Die Programme werden einfach vom Ausland übernommen. Wir haben dann keinen Einfluss mehr darauf“, erklärt Gewerkschafter Jules Barthel.

Unterstützen, nicht auslagern

Ein „Outsourcing“ habe zur Folge, dass junge Leute nicht an die hiesige Mehrsprachigkeit herangeführt werden. „Anstatt Schüler im Spracherwerb zu fördern, werden die Herausforderungen in ein englischsprachiges Angebot ausgelagert“, so die Gewerkschaft und warnt vor einer „Zersplitterung“ der Schullandschaft.

Zurzeit laufe insgesamt vieles in der Bildungspolitik schief. „Die Stimmung bei den Lehrern kippt. Ihnen werden von oben herab so viele administrative Vorschriften auferlegt, dass kaum noch Zeit bleibt, um sich der eigentlichen Wissensvermittlung bei den Schülern zu widmen. Die Lehrer fühlen sich veräppelt“, resümiert Arendt.

